N°3127
Entrée le 20.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro n°3127 vum 30. Oktober 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert d'Iwwerhuele vun Affekotekäschte vu Staatsagenten**

1. **Wéi héich sinn déi bis elo vum Staat gedroe Käschten am Zesummenhang mat den Affekote vum Ex-Generaldirekter?**

   Den honorabelen Deputéierten huet bestëmmt Verständnis dofir, dass ech an der Ëffentlechkeet net iwwer individuell Dossiere schwätzen.

2. **Wat geschitt am Fall vun enger Néierlag vum fréiere Generaldirekter am Appel? Mussen an dësem Fall d'Affekotskäschte un d'Staatskeess zréckbezuelt ginn?**

   Allgemeng ass et esou, dass e perséinleche Feeler vun engem Agent dozou féiert, dass de Staat vu senger Protektiounspflicht entbonnen ass. An deem Fall mussen d'Affekotekäschten zeréckbezuelt ginn.

3. **Wéi ass et méiglech, dass den deemolegen Generaldirekter, deen a senger Funktioun als Mudamchef an dësem Zäitfënster kee Staatsbeamten war, trotzdeem d'Affekotskäschten iwwerholl krut?**

   Ech verweisen op meng Äntwert op déi éischt Fro.

4. **Wéi eng Bedingungen mussen erfëllt sinn, dass Staatsbeamten d'Affekotskäschten vum Staat virgestreckt an iwwerholl kréien?**

   Den Agent, oder e Member vu senger Famill, muss perséinlech viséiert sinn an et muss e Lien mat senger Qualitéit als Agent bestoen. Ausser wann et dréngend ass, muss d'Demande fir d'Protektioun am Virfeld gemaach ginn.

   D'Protektioun vum Staat heescht awer net automatesch, dass d'Affekotekäschten iwwerholl ginn. De Staat kann déi Protektioun och anescht garantéieren, z.B. andeems de Service juridique vum Ministère fir d'Fonction publique déi néideg Ënnerstëtzung gëtt (fir déi Demarchë wou een net onbedéngt muss en Affekot hunn).

   De Staat ass vu senger Protektiounspflicht entbonne wann den Agent am Feeler ass.

   Wann et eng Affär tëschent dem Agent an dem Staat als Employeur ass, gëtt keng Protektioun accordéiert.

5. **Wéi vill Affekotskäschten goufen an de vergaangenen 10 Jore vum Staat iwwerholl? Wéi vill Demandë goufe refuséiert?**

   Fir d'Joer 2025, hunn ech bis elo 36 Demandë kritt. An 23 Fäll ass d'Protektioun accordéiert ginn, an 10 Fäll ass se refuséiert ginn an 3 Fäll sinn nach amgaang traitéiert ze ginn. Wat déi Jore virdru betrëfft, kann ech dem honorabelen Deputéierte keng ausféierlech Zuele gi well déi net systematesch erfaasst gi sinn. Ech ka just drop hiweisen, dass an den Aktivitéitsrapporte vum MFP zënter 2017 all Joer opgelëscht gëtt, wéi vill Demanden agereecht gi sinn a wéi vill dat am Ganze kascht huet.

Lëtzebuerg, den 20. November 2025

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes